COMMUNE DE SANEM

ALTERNATIVES ~~AU CONTOUR-NEMENT DE BASCHARAGE~~

ALTERNATIVEN ~~ZUM KÄERJENGER CONTOURNEMENT~~

SOMMAIRE
IWWERSIICHT

INTRODUCTION 05
RÉDUCTION DES VALEURS NO_2 07
TRANSPORTS PUBLICS 09
PARK & RIDE 11
COVOITURAGE 13
ÉLECTROMOBILITÉ 15
FEUX ROUGES INTELLIGENTS 17
ZONES DE RÉCRÉATION 19
ZONE NATURA 2000 21
CONCLUSION 22

ALEEDUNG 05
REDUKTIOUN VUN DEN NOx-WÄERTER 07
ËFFENTLECHEN TRANSPORT 09
PARK & RIDE 11
CARSHARING 13
ELEKTROMOBILITÉIT 15
INTELLIGENT LUUCHTEN 17
ERHUELUNGSGEBIDDER 19
NATURA-2000-ZONE 21
CONCLUSIOUN 22

WWW.SANEM-ALTERNATIVES-CONTOURNEMENT.LU

INTRODUCTION 05

L'explosion du trafic est devenue un problème menaçant. Nos centres-villes risquent d'étouffer. Bascharage, avec 19.000 véhicules parcourant l'avenue de Luxembourg, et Belvaux, avec 22.000 véhicules tous les jours sont le résultat d'un aménagement désordonné et irréfléchi depuis plus de 40 ans ! La qualité de vie locale est affectée et demande des solutions cohérentes et durables. Le gouvernement a opté pour la construction d'une route supplémentaire, projet vieux de 40 ans lui aussi. La variante 2, qui présente le projet de contournement de Bascharage, est une décision « classique » et fermement contestée par la Commune de Sanem. Ladite variante d'une longueur d'environ 4200 mètres passant par la Commune de Sanem, affectera à son tour les localités et détruira avec la zone classée Natura 2000 un des rares poumons verts de la région et la seule forêt reliant Sanem et Bascharage.
Le passage de cette nouvelle route dans cette zone protégée par l'Union européenne portera préjudice à la biodiversité et à la qualité de vie des habitants de nos deux communes, sans influencer voire diminuer l'abondance du trafic individuel. Procédons de manière réfléchie, cohérente et moins coûteuse. Changeons d'attitude et déployons d'autres solutions pour gérer le problème du trafic et préservons de manière durable et efficace notre environnement.

ALEEDUNG 05

D'Explosioun vum Trafic huet sech zu engem eeschte Problem entwéckelt an eis Stadkäre riskéieren ze erstécken. All Dag iwwer 19.000 Gefierer an der Avenue de Luxembourg zu Käerjeng an iwwer 22.000 Gefierer zu Bieles sinn d'Resultat vun enger onkoordinéierter an oniwwerluechter Landesplanung säit méi wéi 40 Joer! Well déi lokal Liewensqualitéit dorënner leit, sinn elo nohalteg a kohärent Léisunge gefrot.
D'Regierung huet sech allerdéngs fir de Bau vun enger weiderer Strooss entscheet – ee Projet, dee selwer schonns 40 Joer um Bockel huet. Déi envisagéiert Variant 2 vum Käerjenger Contournement ass op en neits just eng "klassesch" Léisung an trëfft dofir an der Suessemer Gemeng op ferme Widderstand.
Déi geplangte Strooss iwwer 4200 Meter wäert net nëmmen een negativen Impakt op d'Uertschaften aus der Gemeng Suessem hunn, mee zerstéiert mat der Natura-2000-Zone och eng vun deene rare grénge Longen aus der Regioun an den eenzege Bësch tëscht Käerjeng a Suessem. De Verlaf vum Contournement duerch dës europäesch protegéiert Zone schiedegt soumat der Biodiversitéit vun der Géigend an der Liewensqualitéit vun den Awunner aus deenen zwou Gemengen, a wäert donieft den Individualverkéier weder beaflossen nach zeréckgoe loossen.
Loosst eis dës Erausfuerderung op eng méi iwwerluechte, méi kohärent a méi bëlleg Manéier ugoen! Zesumme kënne mir eist Verhalen änneren andeems mir dëse Verkéiersproblem mat Alternative léisen, déi eis Ëmwelt schounen an nohalteg erhalen.

MOINS TOXIQUE QUE LE CONTOURNEMENT DE BASCHARAGE : LA RÉDUCTION DES VALEURS NO_2.

LA RÉDUCTION DES VALEURS NO_2 07

Sensibilisons nos proches et tous les habitants du Luxembourg à utiliser des voitures autres que les Diesel qui sont responsables de 75% des émissions NO_2.

La limitation du nombre de ce type de véhicule nous permet de préserver notre environnement et de **réduire la pollution.**

Nous savons tous que le gaz NO_2 forme le dioxyde d'azote, une **substance nocive pour la santé.** Réclamons donc des alternatives qui augmentent notre qualité de vie:

- l'utilisation des **transports en commun**
- l'aménagement d'une **piste cyclable** sur l'Avenue de Luxembourg
- la promotion de la **mobilité douce** (piétons, vélo)

DIMINUONS PROGRESSIVEMENT L'UTILISATION DU DIESEL !

REDUKTIOUN VUN DEN NOx-WÄERTER 07

Loosst eis eis Bekannte souwéi all d'Lëtzebuerger Awunner motivéiere fir op aner Ween wéi Diesel-Gefierer ëmzeklammen. Dës sinn ëmmerhin fir 75% vun den NO_2-Emissioune responsabel.

Duerch d'Limitatioun vun dëse Gefierer schoune mir net nëmmen eis Ëmwelt, mee mir **reduzéiere gläichzäiteg** och d'Loftverschmotzung.

Mir wëssen alleguerten, dass den NOx-Gas Stéckstoffdioxid produzéiert, eng **Substanz déi äusserst schiedlech** fir eis Gesondheet ass.

Loosst eis Alternative sichen, déi eis Liewensqualitéit verbesseren:

- d'Benotze vum **ëffentlechen Transport**
- d'Ariichtung vun enger **Vëlospist** an der Avenue de Luxembourg
- d'Promotioun vun der **duusser Mobilitéit** (Foussgänger, Vëloen)

LOOSST EIS D'BENOTZE VUN DIESEL-GEFIERER REDUZÉIEREN!

MOINS POLLUANT ~~QUE LE CONTOURNEMENT DE BASCHARAGE~~ : LES TRANSPORTS PUBLICS.

LES TRANSPORTS PUBLICS 09

Le développement et la promotion du réseau des transports publics contribueront de manière efficace à une diminution du trafic individuel et à un soulagement considérable de nos villes et de toute notre région.

Les mesures suivantes contribueront largement à une diminution du trafic individuel:

- l'installation de **deux lignes BHNS** (Bus à Haut Niveau de Service) reliant les villes de la région sud entre-elles et Luxembourg-Ville et le sud du pays
- l'aménagement de **couloir-bus**
- la mise en service de **bus hybrides**
- la création d'un **Shuttlebus** sur le trajet Gare – Zone d'activité économique R. Steichen
- la création de **tiquets transfrontaliers attractifs** (RegioTicket)
- **l'augmentation des capacités** sur la ligne CFL Rodange-Luxembourg-Ville
- la synchronisation des **horaires du bus et du train**

CONTINUONS SUR CETTE VOIE !

ËFFENTLECHEN TRANSPORT 09

D'Entwécklung an d'Promotioun vum ëffentlechen Transport droen effikass zu enger Reduzéierung vum Individualverkéier an zu enger substantieller Entlaaschtung vun eise Stied souwéi vun der ganzer Regioun bäi.

Folgend Moossnamen géifen den Individualverkéier nohalteg reduzéieren:

- d'Installatioun vun **zwou BHNS-Linnen** (Bus à Haut Niveau de Service), déi d'Stied am Süden ënnerteneen souwéi d'Stad Lëtzebuerg mam Süde verbannen
- d'Ariichtung vun enger **Busspuer**
- d'Benotze vun **Hybridbusser**
- d'Schafe vun engem **Shuttlebus** tëscht der Käerjenger Gare an der Z.A.E. R. Steichen
- d'Schafe vun **attraktive grenziwwerschreidende Billjeeën** (RegioTicket)
- **d'Erhéijung vun de Kapazitéiten** op der CFL-Streck Rodange-Lëtzebuerg
- d'Synchronisatioun **vun de Bus- an Zuchhorairen**

LOOSST EIS DËSE WEE VIRU GOEN!

MOINS STRESSANT ~~QUE LE CONTOURNEMENT DE BASCHARAGE~~ : LES PARK & RIDE.

LES PARK & RIDE 11

Mettons en place le concept du Park & Ride (P + R) de manière systématique et à grande échelle. Moins chère et plus efficace, en combinaison avec un transport public performant, cette solution permet de :

- ➤ **réduire le trafic en voitures individuelles** dans les centres-ville
- ➤ minimiser les **émissions de gaz nocifs** dans l'environnement
- ➤ réduire les **embouteillages journaliers**
- ➤ **voyager plus sûr et se relaxer** pendant le trajet dans des trains et bus modernes

Mettons en place un parking à étages près de la gare de Bascharage pour créer plus de places de stationnement et construisons, sans attendre, la gare périphérique de Hollerich.

La construction de P + R dans toute la région transfrontalière permettra d'éviter le flux de véhicules en ville.

Impliquons-nous pour faire la promotion de ce concept.

RÉSOLVONS ENSEMBLE CE PROBLÈME !

PARK & RIDE 11

Loosst eis d'Konzept vum Park & Ride systematesch an nohalteg opbauen. Manner deier a méi effikass, bréngt dës Léisung, zesumme mat engem performanten ëffentlechen Transport, folgend Virdeeler:

- ➤ **manner Individualverkéier** an de Stadkären
- ➤ manner **Emissioune vu schiedleche Gasen** an der Ëmwelt
- ➤ manner **Stauen am Alldag**
- ➤ **méi sécher a méi relax Trajeten** a modernen Zich a Bussen

Kommt mir schafen mat engem Parkhaus op der Käerjenger Gare weider Parkplazen a bauen an engem nächste Schrëtt d'Peripherie-Gare zu Hollerech.

D'Schafe vu P & R an der ganzer Groussregioun géif et erméigleche vill Gefierer aus de Stied eraus ze halen.

Kommt mir engagéieren eis dëst Konzept no vir ze bréngen.

LOOSST EIS DEE PROBLEM ZESUMME LÉISEN!

MOINS ÉGOÏSTE QUE LE CONTOURNEMENT DE BASCHARAGE : LE COVOITURAGE.

LE COVOITURAGE 13

Une manière très futée de préserver l'environnement et ayant déjà fait ses preuves dans les grandes agglomérations, le covoiturage vient à notre rescousse pour protéger nos villes et notre santé des émissions polluantes liées à la circulation.

La mise en œuvre d'un projet de covoiturage, p.ex. par le syndicat intercommunal « ProSud » dans la région transfrontalière ou le projet INTERREG, destiné à aménager des parkings pour le covoiturage, permettra de réduire:

- le **nombre de véhicules en circulation**
- l'émission de **gaz nocifs**
- les **embouteillages** journaliers avec le **stress** qu'ils procurent
- les **places de parkings** en général

C'EST UN BON EXEMPLE À SUIVRE.

CARSHARING 13

De Carsharing ass eng clever Manéier fir d'Ëmwelt ze schounen an huet a gréissere Stied schonns seng Effikassitéit ënner Beweis gestalt. De Covoiturage entlaascht net nëmmen eis Stied, mee reduzéiert donieft och d'Schuedstoffemissiounen an huet soumat ee positiven Impakt op eis Gesondheet.

D'Schafe vun engem Carsharing-System, notamment an der ganzer Grenzregioun duerch den interkommunale "ProSud" Syndikat oder och d'Ëmsetze vum Projet INTERREG, dee spezifesch Parkplaze fir de Covoiturage virgesäit, géife Folgendes reduzéieren:

- d'**Unzuel u Gefierer, déi am Verkéier sinn**
- d'Emissioun u **schiedleche Stoffer**
- déi alldeeglech Stauen an deen domat verbonnene **Stress**
- d'**Parkplazen** am Allgemengen

LOOSST EIS DËS IDDI ËMSETZEN!

MOINS NOCIF

~~QUE LE CONTOURNEMENT~~

~~DE BASCHARAGE~~ :

L'ÉLECTROMOBILITÉ.

L'ÉLECTROMOBILITÉ 15

L'électromibilité contribuera à une baisse considérable des émissions de gaz toxiques NO_2 dans les rues et augmentera ainsi la qualité de l'air à Bascharage et les environs. L'argument avancé par le gouvernement pour justifer la construction du contournement se refère justement à une valeur élevée locale des gaz NO_2 (oxydes d'azote).

D'autres solutions responsables, durables et écologiques permettront d'améliorer la qualité de vie des habitants de Bascharage et de tous, à l'instar de l'électromobilité.

Ce concept de mobilité responsable oeuvre à l'optimisation du développement urbain communal et à la protection de l'environnement.

La promotion de l'électromobilité permettra non seulement de réduire les émissions CO2, mais mènera également à un abaissement des bruits de moteur. Essayons de réaliser des mesures appropriées telles que de:

- remplacer le parc automobile communal par des **véhicules électriques**
- acquérir des **bus électriques** pour les transports scolaires
- multiplier l'installation des réseaux de **bornes de recharge**
- installer un système de location de **vélos électriques**
- utiliser des **énergies renouvelables** pour le chargement

UNE SOLUTION DURABLE ET EFFICACE !

ELEKTROMOBILITÉIT 15

D'Elektromobilitéit géif de Problem vun de Gëftemissiounen an de Stroosse reduzéieren an domat d'Liewensqualitéit zu Käerjeng an och soss iwwerall verbesseren. Déi erhéichten NOx-Wäerter si schliisslech dat eenzegt Argument vun der Regierung fir de Bau vum Contournement ze legitiméieren.

Dëst responsabelt Mobilitéitskonzept géif souwuel déi kommunal städtesch Entwécklung optiméiere wéi och zum Ëmweltschutz bäidroen.

Andeems mir d'Elektromobilitéit fördere, setze mir net nëmmen d'CO2-Emissiounen erof, mee mir reduzéieren an engems och de Kaméidi vu de Motoen. Loosst eis adäquat Moossnamen ëmsetzen:

- de kommunale Fuerpark no an no duerch **Elektrogefierer ersetzen**
- **Elektrobussen** fir de Schoultransport uschafen
- d'Netzwierk un **Opluetstatiounen** ausbauen
- ee Locatiounssystem fir **Elektrovëloen** ariichten
- **erneierbar Energien** fir d'Opluede benotzen

ENG NOHALTEG AN EFFIKASS LÉISUNG!

MOINS COÛTEUX ~~QUE LE CONTOURNEMENT DE BASCHARAGE~~ : LES FEUX ROUGES INTELLIGENTS.

LES FEUX ROUGES INTELLIGENTS 17

Combattons ensemble les dégradations environnementales et ces longs embouteillages qui nuisent à la qualité de vie dans nos villes, en améliorant les infrastructures routières.

- Installons des feux rouges intelligents („Grüne Welle“) pour **améliorer la circulation** et donner la **priorité au bus**
- Aménageons un **couloir bus** sur l’Avenue de Luxembourg à Bascharage
- Installons des **ronds-points provisoires** à des endroits stratégiques pour tester leur fonctionnement

UTILISONS LES TECHNOLOGIES DU 21ÈME SIÈCLE !

INTELLIGENT LUUCHTEN 17

Loosst eis déi aktuell Stroosseninfrastrukture verbesseren a soumat déi laang Stauen an d’Ëmweltverschmotzung verhënneren, déi een deeglechen Impakt op eis städtesch Liewensqualitéit hunn.

- d’Installatioun vun intelligente Luuchten (“Grüne Welle”), déi de **Verkéiersfloss verbesseren** an dem **Bus d’Prioriéit ginn**
- d’Arrichtung vun enger **Busspuer** an der Avenue de Luxembourg zu Käerjeng
- d’Testphase vu **provisoresche Rond-Pointen** op strategesche Plaze

LOOSST EIS D’TECHNOLOGIEN VUM 21. JOERHONNERT NOTZEN!

MOINS NÉFASTE ~~QUE LE CONTOURNEMENT DE BASCHARAGE :~~ LES ZONES DE RÉCRÉATION.

LES ZONES DE RÉCRÉATION 19

Unissons nos forces pour préserver une de nos rares zones de récréation.

De véritables **havres de paix** où l'on peut se reposer, se promener et se divertir après une semaine fatigante et stressante, ces endroits sont nos richesses et nos fiertés.

À nous de les **protéger** et d'empêcher tout projet qui vise à diminuer notre qualité de vie, surtout celle de la Commune de Sanem et des environs.

Le contournement de Bascharage qui passe par cette zone de récréation nuira largement à cet endroit tant apprécié de tous.

Est-ce juste de mettre en danger un endroit pour délester un autre de son trafic constant ?

PROTÉGEONS CE POUMON VERT INDISPENSABLE!

ERHUELUNGSGEBIDDER 19

Loosst eis zesummen dës seelen Erhuelungsgebidder an der Regioun erhalen.

Dës Zone si richteg **Friddensoasen** an Energiequellen, an deenen een no enger ustrengender a stresseger Woch entspane, spadséieren oder sech einfach ameséiere kann. Esou Plaze gehéieren zu eisem Räichtum.

Un eis ass et dës Plazen ze **schützen** an all Projet ze verhënneren, dee sech zum Zil gesat huet d'Liewensqualitéit an der Gemeng Suessem souwéi an der Ëmgéigend ze reduzéieren.

Dee geplangte Contournement vu Käerjeng wäert awer genau dat maachen an dëst allgemeng beléiften Erhuelungsgebitt fir ëmmer zerstéieren.

Ass et richteg eng Plaz ze schiedege just fir eng aner vun hirem permanenten Trafic ze entlaaschten?

KOMMT MIR ERHALEN EIS DËS LIEWENSWICHTEG GRÉNG LONG!

Copyright: Raymond GLODEN

MOINS DESTRUCTEUR ~~QUE LE CONTOURNEMENT DE BASCHARAGE :~~

LA ZONE NATURA 2000.

LA ZONE NATURA 2000 21

Tenons-nous les mains pour protéger la zone Natura 2000, un des sites naturels classés par l'Union européenne, selon la directive 92/43/CEE.
La « variante 2 » proposée par le gouvernement aurait des conséquences néfastes sur l'environnement :

- la **destruction** d'environ 8ha de forêt et d'autres biotopes précieux
- la **destruction** partielle de la réserve naturelle Dreckwiss, une zone de protection nationale
- un **impact négatif** sur la biodiversité et le climat local

En plus, la zone Dreckwiss bénéficie déjà des mesures de compensation dans le cadre de la mise à double voie du tracé des CFL Pétange-Luxembourg. Logiquement, aucune autre mesure compensatoire ne lui devra être imposée dans un si bref délai.

SAUVEGARDONS NOTRE ZONE NATURA 2000 !

NATURA-2000-ZONE 21

Loosst eis zesummen d'Natura-2000-Zone schützen, ee vun den natierleche Sitten, dee vun der Europäescher Unioun duerch d'Direktiv 92/43/CEE protegéiert ass. Déi vun der Regierung virgeschloe Variant 2 hätt äusserst negativ Konsequenze fir eis Ëmwelt:

- **d'Zerstéierung** vu ronn 8ha Bësch zesumme mat anere wäertvolle Biotopen
- déi deelweis **Zerstéierung** vum nationalen Naturschutzgebitt Dreckwiss
- een **negativen Impakt** op d'Biodiversitéit an dat lokaalt Klima

Dobäi kënnt, dass am Gebitt Dreckwiss eréischt Kompensatiounsmoossnamen am Kader vum duebelgleisegen Ausbau vun der CFL-Streck Péiteng-Lëtzebuerg duerchgefouert goufen. An deem Sënn wieren nei Kompensatiounsmoossnamen op der Plaz a sou kuerzer Zäit nëmme ganz schwéier novollzéibar.

LOOSST EIS GEMEINSAM EIS NATURA-2000-ZONE ERHALEN!

Unissons-nous pour résoudre le problème du trafic qui menace toute notre région. Soyons compréhensifs et solidaires. Agissons, conscients et responsables. Construire un nouveau contournement n'apportera pas une diminution mais une déviation du trafic et de ses incidences. Les solutions présentées nous permettront de résoudre ces difficultés de façon durable.
Prenons nos responsabilités et sensibilisons nos proches à la protection de notre environnement, à l'électromobilité, à l'utilisation du Park and Ride, du covoiturage et surtout du transport public.

Changeons d'attitude et utilisons les nouvelles technologies et moyens urbanistiques pour améliorer notre qualité de vie. Les solutions présentées dans cette brochure nous permettront de résoudre ces difficultés de façon durable tout en protégeant la nature. Ceci est vital pour nous et nos enfants.
Soyons raisonnables, responsables et clairvoyants!

Kommt mir dinn eis zesumme fir dëse Verkéiersproblem, deen eis ganz Regioun betrëfft, gemeinsam ze léisen! Loosst eis verständnesvoll a solidaresch sinn an dobäi gewëssenhaft a responsabel virgoen! Een neie Contournement ze bauen wäert den Trafic an déi domat zesummenhängend Auswierkungen a kenger Hisiicht reduzéieren, mee just verlageren.
Déi verschidde Léisungen, déi mir lech virgestallt hunn, erlaben et dëse Problem nohalteg ze léisen. Loosst eis Verantwortung iwwerhuelen an eist Ëmfeld mat eise Virschléi sensibiliséieren: dem Ëmweltschutz, der Elektromobilitéit, dem Benotze vum Park & Ride, dem Carsharing a virun allem d'Ëmklammen op den ëffentlechen Transport.
Loosst eis eis Attitude änneren an eis Liewensqualitéit erhéijen andeems mir op déi neisten Technologien a städtesch Infrastrukturen zeréck gräifen! D'Léisungen, déi mir an dëser Brochure opgezielt hunn, sinn net nëmmen nohalteg, mee schützen an engems och d'Ëmwelt vun eis a vun eise Kanner.
Loosst eis verstänneg, verantwortlech an zukunftsorientéiert handelen!

RECYCLÉ
Papier fait à partir de matériaux recyclés
FSC® C004990
myclimate neutral Imprimé
No. 01-14-561533 – www.myclimate.org
reka print+

Publication
de la Commune de Sanem

-

Layout : Wili

-

Mai 2017

WWW.SANEM.LU

WWW.SANEM-ALTERNATIVES-CONTOURNEMENT.LU

COMMUNE DE SANEM